

Här Claude WISELER
Chamberpresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden :

« Mam ASBLs-Gesetz vum 7. August 2023 mussen bannent kuerzer Zäit eng ganz Rëtsch Veräiner hir Statuten an hir Comptabilitéit dem neie gesetzleche Kader upassen. Effektiv ass et elo obligatoresch, datt all ASBL den Depot vun hire järeleche Konte beim „Registre de Commerce et des Sociétés“ (RCSL) mécht. Fir déi kleng ASBL sinn dat den “état des recettes et des dépenses” souwéi och eng “Annexe”.

Artikel 18 vum neie Gesetz präziséiert, datt d'Form an den Inhalt vun der Annexe an engem “Règlement grand-ducal” festgehale ginn. De Schema vun der Presentatioun vun de Recetten an den Depense kann am groussherzogleche Reglement beschriwwen ginn.

Op der Internetsäit myasbl.lu steet ze liesen, datt e “Règlement grand-ducal” betreffend d'Presentatioun vun de “comptes annuels” ausgeschafft gëtt.


An dem Kontext wollt mir der Madamm Justizministesch folgend Froe stellen:

- Wéini gëtt dee ‘Règlement grand-ducal’ publizéiert ?*
- Gëtt an dësem Reglement definéiert wéi déi kleng ASBLen den ‘total des actifs’ solle bewäerten?*
- Gëtt an dësem Text och festgeluecht, wat genee d'Basis ass fir d'Berechnung vum sougenannte ,pourcentage des transferts de fonds vers les autres pays’ ? »*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert